N°1580
Entrée le 26.11.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.11.2024
Chambre des Députés

**Här Claude Wiseler**

**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, de 26. November 2024**

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizministesch an un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Aus dem Joresrapport vum Ombudsmann fir Kanner a Jugendlecher geet ervir, dass den OKAJU sech selwer saiséiert huet fir eng Analyse iwwert de Placement vu klénge Kanner am Alter vun 0-4 Joer ze maachen.

Am Kader vu besoter Analyse huet den OKAJU verschidden Acteure vum Terrain kontaktéiert, wéi zum Beispill Personal déi den Accueil an Encadrement vun de Kanner garantéiere mais awer och d'Representantë vun der DG AEF vum Educatiounsministère.

Sou ass den OKAJU zum virleefege Resultat komm, dass de Placement vu klénge Kanner net optimal ass fir op de Gesondheets a Gefillszoustand vun de Kanner anzegoen. Sou kënnt den OKAJU virleefeg zum Entschloss, dass de Placement vu klénge Kanner géint d'Rechter vun der Gesondheet an Entwécklung geet an domat déi vulnerabelst Schicht vun der Gesellschaft a Gefor ass[1].

An deem Kontext géif ech gäre follgend Froen un d'Madamm Justizministesch an un den Här Educatiounsminister stellen:

1. Wéi vill Kanner am Alter vun 0-4 Joer sinn den Ament a staatlechen oder privaten Institutioune placéiert a wat sinn déi heefegst Grënn?
2. Wéi eng Hëllefsmoossname ginn et aktuell fir Familljen ze stäerken a fir eventuell Placementer ze verhënneren fir dass d'Bindung stabiliséiert ka ginn?
3. Wéi eng weider Hëllefsmoossnamen an nei Konzepter envisagéiert de MENJE auszebauen?

Här President, ech bieden Iech dës Froen, mat mengem déifste Respekt unzehuelen.

---

[1]OKAJU Rapport annuel 2024 p.264-265

Ricardo Marques

Députéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vun der Justizministesch, Elisabeth Margue, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1580 vum honorabelen Deputéierte Ricardo Marques**

**Ad 1)**

Follgend Zuelen dokumentéieren d'Zuel vun de Placementer vu Kanner am Alter vun 0-3 Joer am *Accueil de base de moins de 3 ans* a Strukturen aus dem Beräich vun der Kanner- a Jugendhëllef. D'Zuel vun de Placementer a staatlechen oder privaten Institutioune vu Kanner am Alter vun 3-4 Joer kann net spezifesch dokumentéiert ginn, well si an de Statistike vun der d'Alterskategorie vun iwwer 3 Joer (bis 18 Joer) gefouert ginn:

- 6 Kanner am Alter vun 0-3 Joer sinn den Ament a staatlechen Institutioune placéiert.
- 38 Kanner am Alter vun 0-3 Joer sinn den Ament a privaten Institutioune placéiert.
- 46 Kanner am Alter vun 0-3 Joer sinn den Ament an enger Fleegefamill placéiert.

Déi heefegst Grënn, déi sou e Placement néideg maachen, sinn:

- Schwéier a seriéis Mësshandlungen (kierperlech, sexuell, psychologesch).
- Schwéier Vernoléissegunge vun de Besoine vun engem klenge Kand.
- Onfäegkeet, fir d'Besoine vun engem klenge Kand ze erkennen oder drop ze reagéieren.
- Onfäegkeet, fir de Kanner e stabillen a séchere Kader ze bidden an d'Kanner ze stimuléieren.
- Schwéier Drogesucht/Ofhängegkeet.
- Kompletten Abandon vun de Kanner.

**Ad 2)**

Den Office national de l'enfance (ONE) bitt eng breet Pallett u präventive Moossnamen un, déi flexibel op d'Besoine vu Familljen agestallt sinn, fir d'Wuel vum Kand an d'Familljestabilitéit ze fërderen.

Wichteg an der Präventioun ass eng familljenënnerstëtzend Offer (Familljebildung): Sou bitt den Eltereforum zesumme mat Partnerinstitutionen eng variabel a personaliséiert Ënnerstëtzung un. Dëst beinhalt Familljebildungsprogrammer a speziell Offeren, fir d'Elteren an hirer Roll kënnen ze ënnerstëtzen.

Eng aner Ressource ass d'Mediatioun. Hei gëtt a Konfliktsituatioune vermëttelt, wann Elteren sech net eens ginn. D'Zil ass ëmmer, fir am Interêt vum Kand Léisungen ze fannen, déi d'familiär Bindung stäerken.

Fir Familljen, déi mat Momenter vun Iwwerfuerderung ze kämpfen hunn, bitt den ONE verschidden ambulant Hëllefen a Form vun enger Ënnerstëtzung an der Organisatioun vum Haushalt duerch eng Aide socio-familale un. Jee no Besoin vun der Famill kann dës Ënnerstëtzung an der Intensitéit ënnerschiddlech sinn. Et handelt sech hei ëm eng ambulant Interventioun an der Famill, déi d'Elteren ënnerstëtzt, hir Erzéiungskomptenzen stäerkt an esou e Bindungsofbroch tëschent Elteren a Kand

duerch en eventuellt Placement verhënnert. Dës Hëllefsmoossnam viséiert soumat prioritär d'Sécherheet an d'Wuelbefanne vum Kand a senger Famill.

Fir jonk Elteren, déi zousätzlech Begleedung brauchen, gëtt d'Méiglechkeet vun enger ambulanter Begleedung an enger Wunnstruktur ugebueden, wou si zäitweileg mat hirem Kand liewe kënnen. Hei kréie si Ënnerstëtzung an der Erzéiung an Hëllef bei der Entwécklung vun der néideger Selbstännegkeet.

Jee no Besoin ass et méiglech, verschidde Moossnamen ze kombinéieren fir der Famill eng Ënnerstëtzung unzebidden, déi op si an op hir Besoine passt.

Dëse systemesche Kader soll sécherstellen, datt all Famill déi néideg Hëllef kritt, fir d'Stabilitéit, d'Sécherheet an d'Wuel vum Kand ze garantéieren.

**Ad 3)**

Als neie Projet stellt d'Integrativ Familljenhëllef (IF) en innovativen Ausbau vun der ambulanter Familljenhëllef an e flexibelt Konzept vun ambulanter a stationärer Hëllef duer. Dës systemesch Ënnerstëtzungsmoossnam ass zäitlech begrenzt a kombinéiert stationär, semi-stationär an ambulant Wochen, fir Familljе mat graven Erzéiungsproblemer ze ënnerstëtzen, hir Elterekompetenzen ze stärken, fir e Placement vun hire Kanner ze verhënneren, oder no enger Friemënnerbréngung erëm an der Famill ze integréieren.

Esou sollen Bindungsofbréch tëschent Elteren a Kanner vermidde ginn an hir Relatioun gestäerkt ginn. D'IF setzt op eng holistesch Approche, déi d'Elterekompetenze fërdert, d'familiär Bezéiunge stäerkt a léisungsorientéiert Methoden asetzt, fir déi existent Ressourcen an de Familljen nohalteg ze aktivéieren. D'Virdeeler vun dësem flexibelen an nohaltege Konzept leien an der präventiver Vermeidung vun ausserfamilljären Ënnerbréngungen, enger individuell ugepasster Begleedung an der Fërderung vun der Eegenverantwortung vun de Familljemembere n.

Fir Placementer ze verhënneren a Kanner an hirem gewinnten Ëmfeld ze loossen, ass et wichteg, d'Bezuchspersounen an hirer Erzéiungsroll ze ënnerstëtzen an ze stäerken. Dofir sollen déi ambulant Hëllefe weider ausgebaut ginn.

Lëtzebuerg, de 15. Januar 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH